

De Literaturpräis fir eis Sprooch!

Datt de **Literaturpräis 2018 un e lëtzebuergesch Wierk** gaang ass, huet natierlech jidderee gefreet, deem eis Sprooch um Häerz (firwat net och um Verstand) läit. Net aus falschgeträtztem Nationalismus – loosst mer emol léiwer PATRIOTISMUS soen – mä ganz einfach als Bewäis, dass **d'Lëtzebuergesch verstännegerweis um gudden Wee** ass. De Romain Butti huet dofir och hei an eiser KLACK en zolitte Merci verdéngt! Den **Titel, „fir wann ech net méi kann“** ass bal eng Erausforderung, fir ze soen, dass eis Sprooch ower nach ganz sécher ‚kann‘ ... *yes, it can!*

Mir sollen net vergiessen, dass **de ‚Genre‘ Theater dem Lëtzebuergesch en well am 19. Joerhonnert am Fong richtig op de Sprong gehollef** huet. Mam Dicks sengem ‚Scholdschäin‘ an all dem Edmond de la Fontaine sengen aneren Theaterstécker duerno, sinn eng Partie Lidder opkomm, déi och nach méi ewéi 170 Joer duerno mat Begeescherung iwwerall do geschmuttert ginn, wou ‚eng lass‘ ass; si guffen a bleiwen am gudden Sënn ‚populär‘. Natierlech huet dat deemools och de Michel Lenz matgerappt, deem mir e schéine Grapp méi ‚romantescher‘ Lidder schëlleg sinn – ënner anerem eist Nationalidd ‚Ons Heemecht‘ – a vun deenen der haut nach e schéine ‚Bucki‘ bei de feste Fong vun deer Sprooch gehéieren, déi jo **1984 (als Kär vun eiser ‚polyglotter‘ Sproochsituatioun) de gesetzlechen ‚Idiom‘ vun eisem klengen, mä souveraine Land (ginn) ass.**

Datt dem **Michel Rodange säi REENERT** esou e laangen a respektéierte Wee duerch eis Generatiounemaach huet, ass och alt wéinst senger ‚Form‘ keen Zoufall. **D’Fuissegeschicht ass dach ganz kloer** en Theaterstéck; am Fong eng genialesch Adaptatioun vum mëttelalterleche ‚Roman de Renart‘ an dem Goethe sengem ‚Reinecke Fuchs‘! Am Franséischen heescht et dann, dass dem La Fontaine seng Fabelen ‚*une pièce de théâtre à cent actes divers*‘ wieren ... da muss een da vum Reenert kenne soen, dass déi Fuissegeschicht ganz sécher ‚*une pièce de théâtre à cent fables diverses*‘ ass ... wat vru Joren de Bühnespezialist Frank Feitler mat senger talentéierter Equipe esou formidabel op deer Wëlzer Schlassbühn ge- a bewisen huet; net ze vergiessen, do, wou eise Reenert vum Wëlzer Bierger Rodange entstan ass; do, wou mir de **Reenert-Park mat den herrleche Carrara-Marber-Skulpture vum Ad. Deville** haut hunn ... dee kee soll verpassen, deem eist Land a seng Sprooch (a seng Konscht!) eppes bedeit. De Wëlzer Lampions-Owend an Éieren; mä dee kënnt jo iwwerall organiséiert ginn ... eng authentesch-flott Saach am Reenert-Park net!

À propos WOLZ! Dem ‚Festival‘, dee vru ronn 70 Joer mam Schiller sengem ‚Wilhelm Tell‘ an deem eemolege ‚Schlassgoort oagefongen hoat‘, ass no an no aus e sëllegen Ursachen de fréiere ‚Wappes‘ ausgaang; de Publikum ass nun emol deermoosse mat TV a finanzkräftegen Organisateur verwinnt, dass déi Weelzer do net méi kënnen nokommen; si haten **an den 20 éischte Joere bal ‚alles‘ op hirer formidabler Bühn, wat Numm a Rang um Gebitt vun Theater a Musek vun allen Zorten opweises hat** ... dorun ass (reng finanziell!) emol am Dram net méi ze denken! Mussen dofir ower all Klëppele bei jidder Tromm gehäit ginn? Ganz bestëmmt net, well mir hunn do d’Méiglechkeet, äis – bausst deenen immensen Offertë vun der Stad an Esch – **eng richtig heemlech Theaterszen mat deene kéipweise Stécker aus eiser Sprooch** ze bidden! Do wier mat Dicks, Reuland, Tit Schroeder, Norbert Weber, Paul Greisch, Jempy Kemmer, Alain Atten, dem ... Romain Butti asw. all Joer, oder an ‚Zykle‘ vun 2-3 Joer deen immense Bühnkomplex vu Wolz struppevoll ze kréien. Wier dat net vläicht **eng gutt Iddi, déi een eiser neier Kulturministesch, Sam Tanson an hirem Commissaire fir d’Lëtzebuergesch, Marc Bartholomey, kënnt/sollt an en Dossier leeën?**

Schonn dru geduecht

* dass et nëmme bei äis ‚**Klatzkäpp**‘ ginn; dass a kenger anerer Sprooch e Maufel ‚**gehärzt**‘ ka sinn; dass kee vun ‚dobausse‘ versteet, wa mir op eppes ‚**gammssen**‘ oder no eppes ‚**glëschteren**‘ ower och ‚**glott**‘ kenne sinn; dass een nëmme am Lëtzebuergesch ‚**eng wëlles**‘ kann hunn; dass mir kéipweis Ausdréck hunn, déi ee bal net méi an hirer Ur-Sprooch erëmkennt: Spéngel, Béchs, Kullang, Kondel ...

* firwat mir net emol solle bedenken, dass Honnerte vun Ausdréck aus anere Sproochen hir Wuerzelen net an deene selwer hunn, mä aus dem Griecheschen, dem Laténgeschen an esouguer aus dem Arabeschen: Radio, Auto, Televisioun, Camera, Foto, Bromee, Canapé, matelas/Matraz, Computer ...

* dass mir esouguer eiser **Nimm fir déi meescht Méint vum Joer** hunn, ugefaang beim ‚Wantermount‘, dem Januar, deen äis am Fong déi Joreszäit eréischt richtig bréngt; dann dee kierzte Mount, dee bei äis seet, dass ‚Äisspacken‘ un de Kullangen hänken ... ‚Februar‘ seet net, wat dobausse lass ass, mä de ‚Spierkel‘ huet säin Numm net gestuel, grad ewéi de ‚Karschnatz‘, den ‚Hierschtmount‘, de ‚Wäimount‘. Et soll een net un de Kleesche gleewen, dass déi ‚offiziell‘ Nimm vun de Méint giffen erdréckt ginn; si ginn zwar no historieschen Nimm gebraucht, ower dat praktesch op der ganzer Welt ... well, wat géng een z. B. fir den Ament mat engem ‚Wantermount‘ a Südamerika ufänken ... kuckt emol d’Temperature vun do dës Zäit bei der Meteo. ☺

vum Lex Roth



Jean Kandel

heescht dee gudden Mann, deen zënter Joer an Dag all Lëtzebuerg Lidder beieneesicht, déi hie fanne kann; et sinn der fir den Ament ëm déi 4 000. Dat net nëmme wéinst engem ‚Sammeler-Tick‘, mä well hien eppes fir **dat Stéck vun eiser Kultur** wëllt maachen. Et geet him net duer, wann op e puer Plazen all WE ëmmer nëmme eng éischt Stroph oder de Refrain vun deene selwechte puer Lidder geschmuttert ginn. **‚Kanner o Kanner o quel malheur, mir mussen aus der Rue des Fleurs ...** an da kënnt net méi vill, gell dir; **‚d’Hechtercher aus der Stad** bréngen et dmeescht och knapps bis bei déi 2. Stroph; da kommen nach e puer Zeilen aus dem Dicks sengen Operetten ... an zou. Ower denkt emol iwwer déi **Begeescherung** no. Do léiss sech och op eiser TV ‚eppes maachen‘, an zwar fir Klenger, Jonker an Eelerer! Wann Dir wëllt, schécke mir lech mat eisem ‚E-Mail‘ (hei uewe bei den Adressen) e ganz intresanten Artikel iwwer dem Här Kandel seng formidabel Aarbecht.

An der Schoul ginn eis Lidder iwwerregens bal iwwerall souzesoen ‚an de Biischtschaf‘ gestallt; didakteschen Onverstand! Mä dat ass an anere Länner/Sproochen ower ganz anescht. Do kennt **jiddwer Kand op d’mannst 10 hirer Lidder, wann et aus der Grondschoul kënnt** ... an déi ginn ‚am Alter‘ och nach onheemlech gär zesumme bei allméigleche Geleeënheete gesong. Eng Saach vu sozialem Zesummegehieren ... an esouguer vun Integratioun! Bei äis muss een dofir ower bal an engem Veräin sinn; schued! Do wier et net vu Muttwëll, wa vum Ministère aus eng Zort ‚dépliant‘ mat enger gudder Dose Lidder eraus géng kommen, déi am ‚Primaire‘ souzesoen ‚obligatoresch‘ wieren.

Eises? Jo!

Natierlech gött et dees net mat Honnerten. Et huet esouguer vu ganz dichtege Männer geheescht, **zënter dem Fixspoun an dem ‚Gromperekiewerlek‘ (am 19. Joerhonnert) wier kee lëtzebuergesch Wuert méi entstan** ... bei allem Respekt, absolut dolaanscht! Noweisbar ass dach de ‚Knätschgummi‘ typesch Eises, grad ewéi d’Feiersteng, de Klabas, de Späizmännchen, esouguer d’Pastadschutta (aus falschverstanenem ‚Italiénesch‘ gekniwwelt), mä och Dosenden Ausdréck, déi (begrenzt) op de Schmelzen, der Goodyear an op allméigleche Schaffplazen entstan sinn.

Ganz dacks hu mir och Ausdréck, wou kee Mënsch sech géng soen, dass et typesch lëtzebuergesch sinn. E flott Beispill ass **dee ‚Leitsgeheier‘ vu KNUPPERT**. Hei hu mir et mat engem Ausdréck **aus enger ganz intressanter Wuertfamill am Lëtzebuergesch** ze dinn: d’Verb *knuppen* steet a kengem däitschen Dictionnaire ... a scho guer net an deene sëllegen Bedeitungen! Eng *Knupp* och net, sief et um Kapp oder als Flouernumm wéi z. B. zu Wolz oder Briedemes; *Knippercher* sicht Dir bausst Lëtzebuerg an enger Pâtisserie ëmsoss; wësst Dir, wat *Knuppekëil* sinn? Datt ee fir aner Sproochen och alt Vokabele muss *knuppen*, ass soss néierens doheem wéi an eisem esou aarmen Dialekt. Dann **eppes, dat et vru Joeren hei net guff: de KNUPPERT!** Deen hate mir ni am Sënn vum däitsche Böller. Deen ass ze soe fuschnei, geet villed Leit déck op de Wak a kann och schéi geféierlech ginn; just net fir eis Sprooch, deer hien en neit Wuert bei déi grouss ‚Knuppefamill‘ bruecht huet; eng ‚Knuppefreed‘!

Majo dann!

Vrun e puer Joer guff et **eng Zermeschtei, watfir eng Sprooch hei am Land am meeschte geschwat giff ginn**. Et hunn der esouguer gemengt, dass wier d’Franséisch ... natierlech, well si och all eis Grenzgänger/Frontaliers wéi Äppel a Biren an Orangen a Mandarinen an Zitroune mat an de Kuerf getässelt hunn. Datt een en **Ënnerscheid tëscht ‚Awunner/Résidents‘** a Leit muss maachen, déi héchstens 8 Stonne vum Dag an och nach nëmme 5 Deeg an der Woch hei ‚op Besuch‘ sinn.

D’lescht Joer huet dann de Ministère vun der Educatioun, de Kanner an der Jugend eng **Awunner-Ëmfro** iwwer dee Leescht maache gelooss. Dobäi koum eraus: *Fir 84% vun de Gefroten ass et ganz oder richtegerweis wichteg, dass sech der Fro vun eiser Sprooch ugeholl gétt; dass 77% eng Kompetenz am Lëtzebuergesch hunn; dass eis Sprooch et ‚op der Schaff‘ op 68% bréngt; dass 80% et gutt fannen, dass sech offiziell ëm eis Sprooch bekëmmert gétt.* Gutt verstan: Mir sëtzen net vrun ‚Ëmfroen‘ op de Knéien; dat hei ënnersträicht ower, dass een, aus watfir enge Grënn och ëmmer, d’Nues net iwwer eis ‚Gebuertssprooch‘ brauch ze rénschelen. Si ass méi wéi e folkloristesche Phenomän a spillt och bei der Integratioun vu **Leit aus op d’mannst 10 verschidde Sproochen** eng immens wichteg Roll, well et geet jo hei net nëmme ëm d’Franséisch, mä och ëm slavesch, skandinavesch a romanesch Idiomen ... an domat souzesoen **e ‚Plateau‘, op deem si sech all zesumme kënnen fannen**. Dat ass hei nun emol d’Lëtzebuergesch!

All Guddes am Neie Joer!